N°4477
Entrée le 16.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.07.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Konsummenteschutz weiderzeleeden.**

Notzer vum ëffentleche Chargy-Netz a vum Service enodrive melle mer, datt si um Enn vun enger Luedsessioun eng Notifikatioun kréien, déi d'Enn vun der Sessioun an de Verbrauch a kWh uweist, awer keng Indikatioun vum Präis. Laut dem Bedreiwer géif den Tarif net ëmmer zäitgerecht vum Exploitant vun der Luedstatioun iwwermëttelt ginn. An eenzele Fäll, déi mer rapportéiert goufen, gouf iwwer méi Woche vu reegelméisseger Notzung kee Präis matgedeelt.

D'Reglement (EU) 2023/1804 (AFIR), applicabel zanter Abrëll 2024, verflicht d'Prestatairë vu Mobilitéitsservicer, de Benotzer virum Ufank vun der Sessioun all Komponente vum Präis zur Verfügung ze stellen, a verlaangt transparent, vergläichbar an netdiskriminatoresch Präisser. Den Artikel 20 verflicht d'Bedreiwer vu Luedpunkten donieft zanter Abrëll 2025 statesch an dynamesch Donnéeën, Tariffer abegraff, verfügbar ze maachen. Beim Tanke vu fossille Brennstoffer kennt de Konsument de Präis virun, wärend an direkt no der Transaktioun.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass déi aktuell Praxis vum Chargy-Netz a vun de Prestatairen, déi doriwwer operéieren, no Meenung vun der Regierung konform mat de Präistransparenz-Ufuerderunge vum AFIR-Reglement souwéi mat den nationale Bestëmmungen iwwer d'Präisauszeechnung?
2. Wéi eng Autoritéit ass zu Lëtzebuerg zoustänneg fir d'Iwwerwaachung vun de Präistransparenz-Obligatioune vum AFIR, a goufe scho Kontrollen duerchgefouert?
3. Aus wéi engen techneschen oder kontraktuelle Grënn kann den Tarif vun enger Luedsessioun um

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

ëffentleche Chargy-Netz net direkt um Enn vun der Sessioun matgedeelt ginn, wärend d'Verbrauchsdate jo disponibel sinn?

4. Gedenkt d'Regierung, am Kader vun de Concessiounen oder de Cahiers des charges vum ëffentleche Luednetz, d'Verflichtung anzeféieren, de Käschtepunkt direkt um Enn vun all Sessioun ze kommunizéieren, sou wéi et aner europäesch Fournisseure scho maachen?

5. Ass d'Regierung der Meenung, datt d'Feele vun der Präisindikatioun d'Vertraue vun de Konsumenten an d'Elektromobilitéit brems, a wéi eng Moossname gedenkt si ze huelen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten